Déclaratioun zum
50te Joërsdag vun der Zwangsrekrutéierung
an dem Streik vum 31. August 1942.

Den 30. August 1942 huet de Gauleiter Gustav SIMON duerch Veruerdnung d'Zwangsrekrutéierung vu de jonke Lëtzebuerger aus de Joërgäng 1920 bis 1924 a méi spéid déi vun 1925 bis 1927 an déi deitsch Wehrmacht proklaméiert. Domadde sollt de Widderstand vum Lëtzebuerger Volléck, dat sech net nazifizéiere losse wollt, gebrach gin an seng Jugend sollt sech op der Schluechtfelder verbludden. Obschon den "Oberkommando" vun der Wehrmacht nët vun dësen Zwangszaldoten begeeschtert war haten d'Gauleiter SIMON fir Lëtzebuerg, WAGNER a BÜRKEL fir d'Lorraine an d'Elsace duerch perséinlech Interventioun beim HITLER d'Erlabniss krit fir d'Ausféierung vun dësem Verbriechen.

Dësen Drama vun der Zwangsrekrutéierung, dee déi jonk Lëtzebuerger zesumme mat hire Familje brutal getraff huet, hat alles iwwertraff, wat d'Lëtzebuerger bis dohin ënner dem preiseschen Okkupant erliewt haten !

Wéi en eenzege, grousse Protestkreesch, gedroë vun engem winzegen Hoffnungsschimmer, dach nach déi Naziwalz ophalen ze kënnen, war den Dag drop den 31. August 1942 de Streik ausgebrach, oni Rücksiicht op d'Repressalje déi vum deemols esou mächtegen Eroberer ze erwarde waren. Brutal hun d'Preise réagéiert mat Standgeriicht an sommären Exécutiounen.

Duerch d'Zwangsrekrutéierung waren zesoen all Lëtzebuerger Familjen direkt oder indirekt betraff. D'Leed, dat dës Mesür vun de Preise geschaafen hat, war enorm an d'Folgen waren eng eenzeg Katastroph fir eist Land a si sin och nach 50 Joër duerno ze spieren.

Vun deene ronn 12.000 Betraffenen kummen der 3.500 nët méi hém. Vill ware schwéier a schwéierst mutiléiert, ware krank a si fréihzäiteg un den Folge gestuerwen.

An eenzegarteger Solidaritéit, huet d'Lique "Ons Jongen", direkt no der Liberatioun vum Land gegrënnt an hiren Nofolger d'Fédératioun vun den Victimes du Nazisme enrôlées de force als Daachorganisatioun vun der Associatioun vun de Parents des Déportés Militaires Luxembourgeois, der Associatioun vun de Survivants des Enrôlés de Force, d'Amicale des Anciens de Tambow an der Associatioun vun den Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme d'Interessen vun allen enrôlés de force op nationalem an internationalem Plan mat Geschéck an Ausdauer vertratt. Ob Refraktaire, ënnergedaucht oder mat der Waff an der Hand, op iwergelaaf, esou wei d'Exilregirung et iwert de grosse Pull eriwer propagéert hat, ob a Kazett, Prisong oder a Gefaange lager, keen Ënnerscheed gouf gemat, nie a Kategorien opgedeelt, well mir iwerzeegt waren,dass jiddereen seng Pflicht vis-à-vis vu der Heemecht gemach hat, esou wée en d'Méiglechkeet hat a wéi säi Gewëssen him et diktéiert huet.

Mir, déi nach Iwerliewend waren a sin ëmmer bestriewt, dass de Souvenir un ons ongléklech Komeroden nët verblatzt, mä an Eire gehalle gët. Mir sin hinnen dankbar fir hire Sacrifice, wé mir Zwangsrekrutéert och allzäit all deenen dankbar bleiwen,déi äis am Krich op irgend eng Manéier gehollef hun, dei Hab, Gudd a Gesondheet riskéert hun fir dem Preis d'Stier ze bidden a schliesslech hirt Liewen fir d'Heemecht gin hun.

Mir sin awer och bestriewt alles drun ze setzen, dass onse jetzegen a kommende Generatiounen dat erspuert bleiwt, wat ons widderfuer war, a mussen ëmmer erëm warnen, dass nët duerch Leichtsënn an Oniwerluechtheet op politeschem Plang eng ähnlech Situatioun enstoe kann wéi 1936 a 1940 déi dann 1942 zur Zwangsrekrutéierung vu fräie Bierger gefouert hat.

Jos. WEIRICH
President vun der Fédératioun
vun de Victimes du Nazisme enrôlées de force

**Fédération des Victimes**
**du Nazisme Enrôlées de Force** a. s. b. l.

REPRESENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DEPORTES MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS -
L'AMICALE DES ANCIENS DE TAMBOW - L'ASSOCIATION DES ENROLES DE FORCE VICTIMES DU NAZISME
L'ASSOCIATION DES SURVIVANTS DES ENROLES DE FORCE

Organe officiel:
**«Les Sacrifiés»**
Bulletin mensuel

Boîte postale No 2415
**1024 LUXEMBOURG-GARE**

Compte chèque postal No 31329

**Luxembourg, le** 14 août 1992
~~XX, XXX XXX XXXX XXXXXXh~~
5, rue de la Déportation

Imprimerie Saint-Paul
Luxemburger Wort
Rédaction
2, rue Christophe Plantin
L-2988 LUXEMBOURG

Monsieur Zeches,

Suite à notre entretien téléphonique et comme promis ci-joint "Une déclaration" que nous enverrons aux différents quotidiens ainsi que 2 articles pour l'édition spéciale du 29.8.92.

En vous remerciant de nous permettre d'esposer nos points de vue dans votre quotidien, nous vous présentons, Monsieur Zeches, nos sentiments les meilleurs.

Pour le Comité Fédéral

Jos. WEIRICH
Président National